


FEATURE

Oppasse bei neie Spam a Phishing Mailen!

RTL | Update: 31.01.2022 10:17



© Pixabay

Fréier hunn Onéierlecher nach mam Einzeltrick iwver Telefon probéiert de Leit d'Suen aus der Täsch ze zéien, hautdesdaags mécht een dat mat Phishing Mailen. Déi ginn iwver d'Joren och ëmmer méi effikass sou dass Dir ëmmer méi oppasse musst, wouopper Dir klickt. De Jeff Rossler huet sech schlaun gemaach, wéi Dir är Donnéeë schütze kënt.



31012022 Oppasse bei neie Spam a Phishing Mailen (Internet)

Mëttlerweil sollte mir alleguer wëssen, dass keen nigerianesche Pränz eis e puer Milliounen Euro per E-Mail verierwe wëll. Während Spam E-Mailen dacks nawell onrealistesche Saachen zielen, kënnen Phishing Maile méi geféierlech sinn. Déi gesinn nämlech dacks just esou aus, wéi wann z.B. Amazon oder Paypal mat eis a Kontakt triede wëll. Ma do ginn et awer trotz allem daitlech Ënnerscheeder, esou den Dennis Fink vum Chaos Computer Club.

*Dennis Fink: Phishing Mails erkennt een dorunner, dass meeschtens vun onbekannte Persoune Mailen erakommen, déi soen et hätt een eng Aktivitéit festgestallt an et misst ee sech elo iwvert **deen heiten** Link aloggen. Dat gëtt u sech vun de Servicer net esou gemaach, dass e Link matgepost gëtt, et loggt ee sech eigentlech ëmmer normal an an dann huet een eng Funktioun am System fir z.B. säi Passwuert ze änneren oder fir d'Aktivitéit vum Konto ze kucken.*

International Säite sinn dacks op Englesch oder op aner Sproochen, déi een einfach um Internet iwversetze kann. Mëttlerweil ginn awer och Phishing Mails ronderëm, déi op Lëtzebuergesch geschriwwen ginn.

Dennis Fink: Déi E-Maile ginn ëmmer méi interessant bzw. verbessere sech och ëmmer, well d'Technologie hannendrun sech verbessert. Mir hunn ëmmer méi Systemer, déi Sprooch generéiere kënnen an d'Iwwersetzungsprogrammer ginn ëmmer besser. Doduerch fänkt et un ëmmer méi schwierig ze ginn Phishing Mails vu normale Mails ze ënnerscheeden.

Sollt een dann awer elo op eng Mail erafalen: Net panikéieren, et kann een einfach dogéint virgoen. Et sollt ee kucken de Schued ze miniméieren.

Dennis Fink: Wann een doropper erafällt, dann ass et relativ séier esou dass de Konto gehackt gëtt, also gëtt e vum Attacker iwverholl. Grad wann et sech ëm en Online-Banking-Konto handelt, da ginn ebe Sue vun de Konten ofgebucht asw. Soubal een dat mierkt sollt een direkt säi Passwuert änneren, wann een nach Accés op de Konto huet an egal wéi sech och bei der Bank mellen oder bei deem Service, dee gehackt gouf, fir dass de Schued esou kleng wéi méiglech gehale gëtt.

Falls eng Mail an Zukunft sollt iergendwéi komesch wierken, informéiert lech léiwer zwee mol, ob se och wierklech vun deem Service kënt. Kuckt vläicht och op d'Adress vun der d'E-Mail geschéckt gouf, ob déi net och vläicht komesch ausgesäit.

WEIDER NEWS

Wéi dat Chinesescht neit Joer richtig geféiert gët	"5 vir 12" Autofestival	Best Of "5 vir 12"	Stress am Stroosseverkéier
10 Joer Shopping Queen	"5 vir 12" Coronakanner	Den Autofestival leeft	Repair Café Informatiounssoirée zu Beetebuerg

Uewenhi sprangen



Schreift lech an eis Newsletters an:

E-Mail-Adress

GO



Vous souhaitez faire de la publicité sur RTL.lu ? Prenez contact directement avec notre régie publicitaire IPLuxembourg

News	Meenung	Mobilitéit	Lifestyle	Kultur	Sport	Gaming	Fotoen
National	Carte Blanche	News	News	News	News	News	Aktualitéit
Meng-Gemeng	Commentaire	Trafic	Kichen	Wat Leeft	Live Arena	Review	Events a Fester
International	Apropos	Pétrolspräisser	Gesondheet	Kino	Futtbball	11F Gaming	Kultur
Europa	Lieserbréiwer	Auto-Tester	Verstoppte	Musek	Basketball	E-Sport	Auto
Faktencheck		Autofestival	Plazen	Bicher	Handball	Losch eSports	Télé
Si hu gespent		Autospräisser	Reesen	Sprooch	Dëschtennis		Radio
Den Invité vun der Redaktioun		Lux-Airport	Tech-World	Kräizwuerträtsel	Volleyball		Sport
		Radar-Kontrollen	Déiererubrik	Agenda	Tennis		Pressphoto
		Guidage Parking	Acteur de ma santé		Cyclissem		
		Annoncen	Horoskop		Auto-Moto		
					Weider Sportarten		
Spilleck	Meteo	Jobs	Immo	Info	Télé	Radio	
Allgemengwëssen	Radar	Jobdag	Annoncen	Services de garde	Live	Lauschteren	
Musek Quiz	Nidderschléi	Moovijob		Loterie	Replay	Emissiounen	
Geo Quiz	Quantitéiten	Lifelong Learning		Letzshop	Fotoen	Musek	
Kräizwuerträtsel	Wandvitessen			SMS Servicer	Informatiounen	Fotoen	
Sproochespill						Team	
Quiz vum Mount						Podcasts	
Déiere Quiz						Informatiounen	
Sport Quiz							